LSAP

N° 5737
Reçue le 10.02.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.02.2022

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Februar 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister an un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Ronn 100 000 Salariéen schaffen aktuell an engen 8000 Betriber am Handwierk zu Lëtzebuerg. Allerdéngs besteet och an dësem Secteur eng Penurie u qualifizéiertem Nowuess. Fir deem entgéint ze wierken huet d'Jonk Handwierk ënnert anerem via de Site handwierk.lu eng Campagne lancéiert fir iwwer déi verschidde Beruffsméiglechkeeten am Artisanat ze informéieren. 9400 Handwierker feelen dem Land aktuell. E Secteur, deen zu Onrecht ënnert engem schlechte Ruff leit.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Educatiounsminister an dem Här Mëttelstandsminister dës Froe stellen:

- No wéi enge Krittären gëtt haut an d'Handwierk orientéiert a ginn et Iwwerleeungen dëst an Zukunft anescht unzegoen?
- Wéi wëll den Här Minister dem schlechte Ruff vun den handwierkleche Beruffer, deen och an der Schoul zu Onrecht herrscht, entgéint wierken?
- Gëtt et eng Strategie fir der Penurie, aktuell eng 9400 Aarbechtskräften déi feelen, entgéint ze wierken?
- Wéi wëll d'Regierung d'Demarche vun enger Opwäertung vun der Ausbildung am Handwierk begleeden?
- Wéi e Rôle kënnt der Formation professionnelle an dësem Sujet zou? Gesäit den Här Minister hei Verbesserungspotential?

Mat déiwem Respekt,

Dan Biancalana
Député

Francine Closener
Députée

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, an dem Här Minister fir Mëttelstand, Lex Delles, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5737 vun den honorabelen Deputéierten Francine Closener an Dan Biancalana**

Wann et op der enger Säit nach ëmmer reng schoulesch Krittäre ginn fir an d'Beruffsausbildung, spréch d'Handwierk, ze orientéieren, muss een awer op der aner Säit erwänen, datt duerch d'Lycéeën am Land vill Orientatiounsinitiative stattfannen déi deene Jonke Goût um Handwierk solle ginn. Dës Initiative wéi d'Journée des patrons oder d'Journée des entreprises, erlaben et dem Jonken direkt d'Realitéit, d'Perspektiven an d'Erwaardungen aus der Siicht vum Betrib ze kréien.

Nieft renge Promotiounscampagne fir d'Beruffer wéi *Skills United* déi am Joer 2019 vum Educatiounsministère zesumme mat der Generaldirektioun fir Mëttelstand, an d'Liewe geruff ginn ass, gëtt d'Asbl *WorldSkills Lëtzebuerg* majoritär vum Educatiounsministère finanzéiert. Dës Asbl huet als Haaptmissioun d'Promotioun fir d'Beruffer ze machen. All zwee Joer organiséiert *WorldSkills Lëtzebuerg* déi national Concourse vun de Beruffer fir Jonker bis 24 Joer an déi bescht vun hinnen representéiere Lëtzebuerg bei de Weltmeeschterschaften (*WorldSkills*), respektiv bei den Europameeschterschaften (*EuroSkills*) vun der Beruffer. An dësem Kontext soll een ënnersträichen datt Lëtzebuerg bei de lëschten *Euroskills*, am Oktober 2021 zu Graz an Éisträich, eng formidabel Bronzemedaile am Concours "Entrepreneurship – Business Develpoment" mat Heem bruecht huet.

An engem Gesamtkontext vu Valorisatioun fir d'Beruffer an d'Handwierk ass och ervirzehiewen, datt vum 2.- 4. Mee 2022 déi éischt national Schoulfoire vum Educatiounsministère organiséiert gëtt. Dës "YEP - Schoulfoire" ass ouni Zweifel dat gréissten Event ronderëm d'Schoul an d'Beruffer dat dëst Joer statt fënnt. Den Acronyme steet fir déi Haaptaxen vun dëser Foire, an zwar, déi Jonk (*Youth*), d'Educatioun (*Education*), an d'Léierplazen, resp. d'Méiglechkeeten vun er Formatiounen aus der Beruffsausbildung (*Professions*).

Op dëser Schoulfoire wäerten vertrueden sin :

- D'Lycéeen zu Lëtzebuerg;
- Den Educatiounsministère, seng Servicer, seng Departementer mat hire Projeten;
- De Léierplazendag;
- D'*LuxSkills*;
- D'Kreatif Ateliers.

De Léierplazendag, deen zesumme mat der ADEM, RTL an de Beruffskummeren den 2. Mee 2022 organiséiert gëtt, ass déi Plaz wou déi Jonk mat enger Ronn 40 Ausbildungsbetriber direkt a Kontakt kommen. Deen Dag kritt de Jonke sämtlech Informatiounen zum Léiervertrag am Apprentissage initial, Apprentissage pour adultes an am Apprentissage transfrontalier.

En anere Volet sinn d'*LuxSkills*, déi national Meeschterschaften vun de Beruffer. Do ginn et fir dës 10. Editioun iwwer 30 verschidde Concourse. Bei dëse Championnats des métiers et des professions fanne sech souwuel déi traditionell Beruffer aus dem Handwierk, wéi awer och déi ronderëm aner Schwéierpunkte aus dem Regierungsprogramm, wéi d'*Digital skills* an den Entrepreneuriat erëm.

Iwwert de Wee vun der Competitioun vun engem Concours soll de Beruff no baussen valoriséiert ginn mam Zil méi Jonker unzezéien.

Wann d'Formation professionnelle nach dacks als Orientation "par l'échec" betruecht gëtt, esou gëtt awer an der Beruffsausbildung aktiv géint dat leider negativt Bild geschafft. Am Kader vun der "YEP – Schoulfoire" sollen d'Kompetenzen vun de Kanner duerch eng ronn 50 Ateliere geférdert ginn an iwwert dee Wee sollen eis Jonker Goût un der Beruffswelt kréien.

An der Pandemie, war et generell fir de Schoulsystem net einfach, speziell awer fir d'Apprentis aus der Beruffsausbildung. An där schwiereger Zäit huet d'Regierung eng Rei Mesuren an d'Liewe geruff fir d'Formation professionnelle an domadder och d'Handwierk ze stabiliséieren. Ouni elo an den Detail vun all Mesure ze goen, weisen d'Zuelen, datt eng Derogatioun vum Datum fir d'Conclusioun vum Léiervertrag op den 31. Dezember, respektiv op den 30. November gehollef huet méi Léierverträg ze ënnerschreiwen. Och war de Chômage partiel fir d'Apprentis wichteg fir datt eng grouss Majoritéit vun de Léierverträg konnt weiderlafen. D'Betriber kruten a kréien eng Prime unique wann si Apprentis eng Ausbildung erméiglechen, respektiv wann si engem Jonken dee säi Léiervertrag gekënnegt krut eng Reprise de contrat ubidden.

D'Formation professionnelle wäert och nach an Zukunft zesumme mat de Beruffskummeren Inititiativen an d'Liewe ruffen fir dem Handwierk dee Stellewäert ze erméiglechen deen e verdéngt huet.

Sou wéi schonn ë. a. an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n° 1542 an 3183 geschriwwen, empfënnt d'Regierung et als wichteg, fir jonk Leit fir den Entreprenariat am Allgemengen an d'Handwierk am Besonnesche kënnen ze begeeschteren.

Well et primordial ass, datt d'Gesellschaft sech der Wichtegkeet vum Handwierk och bewosst ass, ass d'Regierung permanent beméit d'Promotioun vum Handwierk net nëmmen um Niveau vum Schoulwiesen ze gestalten, mee och de Stellewäert an d'Attraktivitéit vum Handwierk an der Gesellschaft héichzehalen. An deem Kontext sief op dëser Plaz u verschidde Campagnen erënnert, dorënner:

- d'Austellung *De Mains De Maîtres*, déi d'Konschthandwierk promouvéiert ;
- de Programm *HandsUp*, deen de jonke Leit an hiren Elteren ee positivt Bild vum Handwierk vermëttelt ;
- déi rezent virgestallte Campagne vun der asbl *Jonk Handwierk* fir d'Attraktivitéit vum Handwierk bei de jonke Leit weider ze fërderen ;
- déi grouss ugeluechte Media-Campagne *Makers of Luxembourg* déi d'Lëtzebuerger Handwierk promouvéiert.

Lëtzebuerg, de 15. Mäerz 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH